adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
01 DEC. 2015
137

Lëtzebuerg, den 1. Dezember2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, eng mëndlech Fro (Art. 83) un den d'Madame Kulturminister däerfen ze stellen.

*D'Lëtzebuerger Sprooch kritt, och an hirer schrëftlecher Form, eng ëmmer méi grouss Bedeitung. Déi legal Basis vun der Orthographie geet op en Arrêté ministériel vum 10. Oktober 1975 an op e groussherzoglecht Reglement vum 30. Juli 1999 zeréck.*

*D'Lëtzebuerger Sprooch entwéckelt sech awer permanent weider.*

*Dowéinst wéilt ech der Madame Kulturminister dës Froe stellen.*

1) *Wat mécht de „Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch" (Conseil permanent de la langue luxembourgeoise) konkret fir seng Missiounen ze erfëllen? Huet de Kulturministère oder den Educatiounsministère de Conseil schonns mat Avise beoptragt, a wa jo, wou sinn dës publizéiert?*
2) *Wou sinn d'Aarbechte vum „Lëtzebuerger Online Dictionnaire" LOD drun? Wéini ass dësen Dictionnaire iwwert dat komplett Alphabet ofgeschloss?*
3) *Gëtt den Dictionnaire och a gedréckter Form publizéiert?*
4) *Wäerten déi rezent Aarbechten ëm d'Lëtzebuerger Sprooch, déi esou wuel am Kader vum LOD wéi och op der Uni gemaach ginn, en Nidderschlag an engem aktualiséierte groussherzogleche Reglement fannen?*
5) *Wéi ass d'Zesummenaarbecht tëschent der Equipe déi de LOD opstellt an der privater Initiativ „spellchecker.lu"?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten